



Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannezeg Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5213 vum 11. November 2021 vum honorabelen Députéierten Fred Keup

Aleedend, muss erkläert ginn, dass de Choix vu Gemengen an der Analyse hei drënner op der Awunnerzuel baséiert. Et ass zu dësem Moment net méiglech fir vergläichbar Zuelen aus all Gemeng aus dem Land ze ginn. D'Zuelen zur Evolutioun vun der Kriminalitéit an Delinquenz ginn all Joer vun der Police publizéiert an am Kader vun enger Pressekonferenz virgestallt. Déi Zuele ginn op Basis vun de Procès-verbaux vun der Police opgestallt, a sinn doduerch während dem Joer net direkt disponibel. All zousätzlech Recherche muss also manuell konfiguréiert ginn a bleiwt onkomplett well Fait'en oft réischt beim Ofschluss vun enger Affaire informatesch saiséiert ginn. Déi détailléiert Zuelen, sou wéi se gefrot sinn, kënnen leider nët zur Verfügung gestallt ginn.

Fir awer déi vum honorabelen Députéierten gefroten Indicatiounen ze ginn, huet d'Police folgend Zuelen zesummegebroen, mam Hiweis, dass dëss inkomplett Zuelen aus enger bestëmmter, rezenter Période aus dem laafenden Joer net vergläichbar sinn mat Perioden aus vergangenem Joeren.

Ad 1):

An der Period vum 1. September bis zum 31. Oktober 2021 huet d'Police bis elo landeswäit 58 Iwwerfäll, dovunner 12 versichten Iwwerfäll, statistesch erfaasst.

Vun deenen 58 Iwwerfäll aus dëser Period ass den Undeel (a Prozent vum Total) vun de Faiten an deene 5 populatiounsméisseg relevanteste Gemengen am folgenden Tableau opgelëscht:

<i>Vols avec violences entre le 01.09.2021 et le 31.10.2021 inclus</i>					
<i>Commune</i>	<i>accomplis</i>	<i>tentatives</i>	<i>Total des faits</i>	<i>Faits en % du Total</i>	<i>Faits p. 10 000 hab.</i>
<i>Luxembourg (population 124 509)</i>	26	4	30	51.72%	2,4
<i>Esch/Alzette (population 36 228)</i>	6	1	7	12.06%	2
<i>Differdange (population 27 869)</i>	1	0	1	2.13%	0.35
<i>Dudelange (population 21 513)</i>	2	1	3	5.17%	1.4
<i>Pétange (population 20 084)</i>	0	0	0	0%	0

Source : STATEC et Police Grand-Ducale

Wat d'Ëffentlech maachen an d'Weiderleeden un d'Press betrëfft, gëtt op d'Äntwerten op déi parlamentaresch Froen Nr. 3682 vum 19.02.2021, Nr. 4039 vum 07.04.2021 an Nr. 4211 vum 04.05.2021, alleguerte vum honorabelen Deputéierte Fred Keup, verweisen.

Betreffend d'Profil, souwuel wat d'Affer ewéi och wat d'Täter ugeet, verweise mir op d'Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 4211 vum 04.05.2021 vum honorabelem Deputéierte Fred Keup, wou am Punkt 6 erkläert ginn ass dat d'Police keng Statistiken iwwer d'Nationalitéit, de Wunnuert oder de Statut vun Tatverdächtegen oder Täter féiert. Dat selwecht gëllt och fir d'Affer.

Ad 2):

An der Period vum 1. September bis zum 31. Oktober 2021 huet d'Police bis elo landeswäit 411 Abréch, dovunner 166 versichten Abréch, statistesch erfaasst.

Vun deene 411 Abréch aus dëser Period ass den Undeel (a Prozent vum Total) vun de Faiten an deene 5 populatiounsméisseg relevantste Gemengen am folgenden Tableau opgelëscht:

<i>Cambriolages entre le 01.09.2021 et le 31.10.2021 inclus</i>					
<i>Commune</i>	<i>accomplis</i>	<i>tentatives</i>	<i>Total des faits</i>	<i>Faits en % du Total</i>	<i>Faits p. 10 000 hab.</i>
<i>Luxembourg (population 124 509)</i>	121	82	203	49.39%	16.3
<i>Esch/Alzette (population 36 228)</i>	8	5	13	3.16%	3.6
<i>Differdange (population 27 869)</i>	8	7	15	3.64%	5.4
<i>Dudelange (population 21 513)</i>	8	3	11	2.67%	5.1
<i>Pétange (population 20 084)</i>	4	3	7	1.7%	3.5
<i>Source : STATEC et Police Grand-Ducale</i>					

Wat d'Ëffentlech maachen an d'Weiderleeden un d'Press betrëfft, verweise mer op Ad 1), Abschnitt 3. vun dëser Äntwert.

Ad 3):

Wat d'Unzuel vu verletzte Persounen duerch Gewaltakte bei Iwwerfäll a versichten Iwwerfäll betrëfft, verweise mir op Ad 3) vun der parlamentaresche Fro Nr. 4211 vum 04.05.2021 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup.

Wat d'Ëffentlechmaachen an d'Weiderleeden un d'Press betrëfft, verweise mer och op Ad 1), Abschnitt 3. vun dëser Äntwert.

Bei den ënnert Ad. 1) erwähnten 58 Iwwerfäll waren et der 11 mat Waffen, an dovunner 4 versichten Iwwerfäll mat Waffen.

Lëtzebuerg, den 14. Dezember 2021

Den Ministre fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX